

Coupe Patrick Riehl 2022



Nodeems d'Coupe Patrick Riehl d'lescht Joer ausgefall war konnten mir d'ëscht Joer erëm eist Frëndschafsfëschchen, dem Patrick zu Éieren, ausdroen. Natierlech hat de Patrick eis erëm dat schéinsten Fréijoerswieder geschéckt och wann et d'ëscht Joer awer zimmlech kal war. 12 Fëschcher waren ugetrueden fir an sechs Equippen eis Coupe auszefëschchen. Leider waren d'Fësch Haut iergendwéi net um Rendezvous oder war et Hinnen villäicht och ze kal? Jiddwerfalls sinn net esou vill Fësch gefaangen ginn ewéi dat schonn mol an der Vergaangenheet de Fall war. Dat wëll awer net heeschen dass déi haiteg Gewënner manner gelescht hätten, villméi hunn Sie grad esou verdéngt an mat grousem Ofstand d'ës Editioun vun eisem Frëndschafsfëschchen gewonnen mee dozou spéider méi. Ganz erfreeslech war och dass niewent den aktiven Fëschcher awer och Kolleegen déi deen Dag net matfëschchen konnten awer bei ons laanscht komm sinn fir eis ze ënnerstëtzen an am Fränz haten mir een gudden Tute – Batti fonnt deen eis ugefeiert huet an awer och opgepasst huet dass et zu kenger Rudelbildung sollt kommen. Spaass bäi säit de Fränz war de Mann un der Tutt an dat sollt et mir mol erëm eng Kéier erlaben selwer mat ze fëschchen och wann dat fir den Dan keng grouss Hëllef war. Woubäi mir bei den Equippen wäeren an dem éischten Héichpunkt, der Auslousung. Natierlech, ewéi kéint et och aneschtters sinn, ass dat ëmmer deen Moment wou Gestëppels lass geet, waren se beim Kaffi nach Alleguerten euphoresch esou hunn dunn awer och schonn déi Éischt geklot.







Nodeems d'Equippen geloust waren hunn mir eis Staangen preparéiert, och heibäi gesäit een gutt déi ënnerschiddlech Ambitiounen vun eisen Fëscher, déi Eng profitéieren och vun dësem Moment fir ee bëssen ze stëppelen an ze kucken mat wat déi Aner dann esou fëschen mee eis Concours Fëscher haten sech awer schonn méi grëndlech preparéiert. An dunn, mir konnten et schonn bal net méi erwaarden, huet den Fränz endlech getut. Mee schonn no der éischer Manche hunn verschidden Fëscher laang Gesichter gemaach ewell mol net dunn déi vill erwaarden Fësch gebass hunn, mee et war jo awer een Frëndschaftsfësch woubäi mir bei der Haaptsaach wäeren, nämlech eiser Choucroute déi mir ewéi ëmmer tèschent deenen véier Manchen verdréckt hunn. Den Yannik an den Alain haten eis ewéi ëmmer anstänneg opgedëscht an et huet eis un Näischt gefeelt. Mëttes dunn hunn mir et méi lues ugoen gelooss schliisslech hunn mir eis nach missen Reserven halen fir nom fëschen woubäi mir bei den Resultater wäeren.

Gewonnen huet d'Equipe Joé Bartholmé an Sedat Asani mat gudden 23 Fësch, déi zweeten Plaz war der Equipe Roger Garca an Jemp Hoffmann virbehalen mat ëmmerhin nach 12 Fësch an eng gutt drëtten Plaz ass fir d'Equipe Marc Duton an Bartholmé Patrick mat 8 Fësch eraus gesprongen. Déi véiert Plaz huet d'Equipe Dan Muno an Patrick Bertrand mat 6 Fësch beluecht, d'Equipe Ben Pauly an Jemp Niclas sinn déi fënneft ginn mat 4 Fësch an zu gudder Lëscht huet d'Equipe Dan Pierrot an de Luss mat 3 Fësch eis dësjäregt Klassement ofgeschloss.

Ofschléissend mengen ech dass mir och dëst Joer een flotten Dag am, Undenken un den Patrick, verbruecht hunn, leider sinn dëst Joern et esou vill Fësch gefaangen ginn wat der gudder Stëmmung ënnert den Fëscher awer Näischt konnt unhunn villméi waren mir frou mol erëm eng Kéier zesummen beim Waasser ze stoen.

Als nächst ass et elo un eiser uerdentlecher Generalversammlung, et ass schonn fir 25. Kéier, déi ewéi ëmmer an eiser Heemecht op den Weieren zu Lamadelaine stattfënnt an wou et Owes um 20.00 Auer lass geet. Den Dag no eiser Generalversammlung fueren mir dass och ewéi ëmmer zesummen op Rabais wou mir eisen Dag, dem President zu Éieren verbréngen.

